

Wa mir nach e beweis breichten, fir unzegesin, datt d'arbechtskraft me' he'ch ewe' an der vergangenhet ageschützi muss gin, du get en ons an dém moment bruecht, wann et gëllt d'reconstructio'n vun onsem land ze méschieren.

D'Union

D'Union erschent 3 mol d'woch. — Abonnement:
30 fr. pro quartal — Enzelnummer 1.50 fr. —
Geschäfts- an amtlich annoncen 2 fr., all aner
annoncen 1.75 fr. — Expeditio'n a redactio'n:
Al-Awenü 40 — Telefon 51-85 — Postscheck Nr.
6491 — Spuerkésigro 800 — Interbankkont Nr.
2737 — Verantwortlech ass de redactio'nscomité.

Jor 2 · Numer 11 · 25. Januar 1945

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V.D. UNION) * ORGAN VUN DER UNION * ECH DENGEND HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

Ons enzeg rettong ass d'arbechtskräft an den arbechtswëllen!

Reconstructio'n

Et ass ze begreissen, datt a leschter zeit d'fro vun der praktischer reconstructio'n an onsen zerste'erte gebidder dax besprach get an datt sech de' interesse'ert krésser doriver gehe'reg de kapp zerbriéchen. Des fro ass fir onst länd fir de' nächst 10 jor de' allerwich tegst. Et gét em milliarden, de' entweder zweckme'sseg ugewandt oder zum schued vun der allgemenghét verbëtzt kënne gin. Zengausende vun evacuteerten sollen erem én dâch iwert de kapp kre'en, an némmeen durch schnellt agreifen kënne weider baulech schiéd verhennert gin. Et soll dûrfir direct eng art bautenministèr geschafe gin, an dém virun allem me' baufachleidd a' we'neger affekoten vertrudee sollte sin, we' iwerhapt am 'gro'sse ganzen me' fachleidd ewe' bis elo fir d'reconstructio'n erunze'e sin.

Könnte mir net, we' onst nopeschland Holland als eng entschiédegong fir ons verwüst gebidder un eng annecatio'n vun deitschem gebidd denken? Dat géng ons erlaben verschidden total zerste'ert letzeburger diérfer, matt kengem eso' gudden akerland bei der reconstructio'n a gre'sser propriététen opzedelen, an déne baueran vun der Our an der Musel, doiver, nodém datt de' deitsch baueran émgesiedelt wiren, och gre'sser betrieb zu zwouisen.

arbeitslager éinnerbruecht, net bei der eremguddmâchong vun déne schiéd, de' si matt ugericht hun, beschäftegt gin? Ass dat system net ville Letzeburger an de leschte joren doiwer virdemontre'ert gin. Fir wat sollen ons spezialise'ert gro'wen- an schmelzarbechter, de' ons gro'ssindustrie dregend no dem krich brauch, fir 5 bis 10 jor als bauarbechter émgele'ert gin? Wié soll des arbechter an de schmelzen a gro'wen ersetzen a wat soll a normalen zeiten aus desem iwerfloss u bauarbechter gin?

Den handwierksbetrieb wär standartarbecht ze roden, wat eng verbélegong, tempo a verbesserung vun der geléischter arbeit bedeit. E schreinerbetrieb z. b. mécht fensteren, éa aneren diren, erem en aneren schiéf, descher, still a. e. w. Dat soll natirlich net héschen, datt missit o'ni goût fir konscht drop lass geschafft gin. Et kënt am géendel no pläng an éinner opsicht vu fachleidd onst handwierk, dat fre'er eso' he'ch geschätzt wor, erem he'ch kommen. Eng reconstructio'n, de' némmeen op fleckarbecht geng bero'en, wir e schued fir d'land, dé net me' gudd ze mache wir. Wa mir op jorzengen hi plangen an d'káschten durfir sech op generatio'n verdélen sollen, da wëlle mir och gro'ss denken. Dat alt-hallfréverste'rt an zwouisen

opstellöngen vum schued an der durchfe'erong vu sofortmassnahmen, fir weidere schued ze verhindern, beschäftegt sin; kënten an der zeit de' staatlich plazzen, de' nach haut iwer genug gescho'l personal verfügen, schon matt de plangen a gro'ssen zich ufänken. Des éinnerlagen solle spe'der vun de privatarchitekten, no de jéweilegen bediérfnésser weider verarbecht gin. Dest hand an hand schaffen le'sst vill zeit a geld rescht a wiérkt sech och bestëmmmt zum beschten vum ganzen aus.

Direct no der befreiong vun den zerste'erten gebidder an der opstellong vun de schiéd soll zum e'schien den drénglechkeitsvirrang bestëmmt gin vun den énzelnen bauprojekter. Zum bei-spill sollten handwierks- a bauerebetrieb, de' fir d'ukurbelong vun der wirtschaft wichtig sin, de virzok hun vrun de privatheiser.

D'bedeitong vun der arbechtskräft

An der klassescher nationalökonomie héscht et, datt d'productio'n vun dénen 3 faktoren: arbecht, buedem a kapital ofhängig ass. Dorauser ass d'consequenz gezu gin, datt de wërt vun de produze'ert wuren och op de' drei elementer ze verdélen ass. An der wirklechkét ass et ni zo' enger exacter distributio'n vum revenu kom. De' drei elementer waren durch drei parteien vertratt, d'arbecht durch d'arbechterschicht, de buedem durch de buedemhändler, de buedemspeculant an de bauer, d'kapital vun den entrepeneuren an den industriellen. Doebei wor natirlich d'regel, datt de', de' de buedem hâten, och gewe'nlech de' leidd waren,

de' d'geld an d'wirtschaft bruecht hun, an op de' weis kapitalist am sén vum buedem, fabrik a maschinenégentemer worn. An der zuel worn de' 2 lescht partieien dèr e'schter éinnerléen, durfir wor de' e'scht an der wirtschaftliche collaboratio'n de' schwächst. D'arbechtskräft wor zwar och un der wërtverdélung bedelegt, mé némmeen matt der parti, de' als lo'n seit dem ufank vun der industrieller entweckelung d'ursäch vu ville reclamatio'n, vu revolutio'n a vu vill ongleck go'w.

Wat wor d'rезультат? Et si nei theorien entstân, de' d'arbecht als de grond vum wërt iwerhapt bezéchent, an de ganze gewënn der arbecht zo'geschriwen hun. Am politische liéwen sin d'gewerkschaften matt directe furderongen opgetratt, et ko'm zo' déne gro'ssen zessumme'ss, de' d'weltongleck vu 1914 an och déleweis dat vu 1940 erheige fo'ert hun. Hätt den arbechter an der vergangenhet me' verdengt, da wären d'fabriken net an dém mòss vergreisert gin, oder we' d'champignonen aus dem buedem geschoss an d'ökonomesch krisis matt hiren urge politesche suiten wir kémols eso' schlëmm gin.

Durch dese krich huet d'erkenntness sech durchgerongan datt d'verbesser-

Spuert landwirtschaftlech arbechtskraft!

Et gét net dur, datt de staat dem bauer hëlfst seng arbechtskräft be zuelen. Et gét net dur, datt en op anerer wé, dodurch z. b. datt en dén, dé beim staat, bei der gemeng oder bei der industrie wélt an arbecht kommen, datt d'afe'eren vun de rommelen me' se'er gesche'e kann a matt manner arbechtsleidd. Eng centrifug an e rompfass, de' elektresch gedriwe gin, erspueren zeit a me', eng elektresch streichmaschin erlabt net némme me'

Als weider entschiédéng misste mir fir d'systematesch ausreiberong vun onsen béscher op d'manst dat selwecht vu bauholz aus Deitschland kre'en. Dat gëlt och fir aner baumaterialien, de' a gro'sse massen gebraucht gin, ewe' z. b. rheinesch tuffsteng a. e. w.

Mir haten hei am land an normalen zeiten, bei engem bescheidenenbauvolumen émmer e mangel u gescho'lten bauhandwiérker. We' wéllle mir des fro an der nokrichszeit le'sen, wa' mir ons vill ze vill un dat nationalt halen? Menger ménong no wiren italiénesch arbechter, de' jorelang matt eiser bauweis bekannt worn, no der iwerpre>wong vun hirer haltong während dem krich, net kategoriesch auszeschalten. Fir wat sollen net bélleg deitsch arbechtskräften, als reparatio'nbeitrag hei hinnen „dienstverpflichtet“ gin; an

schlecht soll bei der reconstruczion net grad eso' schlecht erem dohi gesat gin. Allerdengs durfe mir net zevill gro'ss denken a plangen.

Fir de' gro'ss allgemeng plangen wär stiébaulech a landschaftlich geduecht, an am énzelnen an enger neier form, de rot vu fachleidd unzefroen. Wann ech soén neiarteg, dann denken ech u bespriéchongen op der plaz mait déne fachleidd, de' a fro kommen no dem motto „du choc des idées“, an net we' et fre'er bei ons eso' oft am gebrauch wor, datt concouren läng gedauert hun a schlecht bezuelt go'wen. Si hu méschents matt gro'ssartége bilier a perspektiven geenn, de' dann an der wiérlécheké no längem prozess we'méglech anzerichten. Vill iwerfléssig arbeit muss gemach gin, wann d'scheieren onpraktesch uguelugt sin, wann d'oflueden vun de recolten vill leidd erfurdert, well d'hé an d'frichtien a schléff hir an dur musse getesselt gin. De' selwecht iwerfléssig arbeit muss dann erem eng ke'er geléscht gin, wa gedresch get an och beim fidderen. Modern scheieren erlobennet némmen d'spueren vun vill arbechtskräft, mé och d'ersetzen doven durch ofluedemaschinnen. Wo' soss ve'er a fénnef Iseidd gebraucht gin, gét dann matt zwe'n oder hechstens drei'dur, de' sech nach net brauchen eso' midd ze mächen. Modern a kamo't ställ sin och net némme besser fir d've', mé si erspueren och arbeit a me' beim fidderen. E kamo'te rommelkeller erlaut,

forceert virarun zwe' jor perm bauer ze schaffen. Gewéss helleft dat, an de' matthélf vum staat muss voll a ganz unerkannt gin. Mé de' fro muss nach me' gréndlech ugepakt gin. Et muss och net némme gesicht gin, dem bauer arbechtskräften ze verschafen, mé et muss virun allem gesuertt gin, datt en der eso' we'neg we' me'glech brauch. Dodurch get et me' licht der genug ze fannen, de' him hellefen seng arbeit all ze mächen, an d'productio'n get och me' bélleg, well manner arbechtslo'n matt anzerechnen ass. We' ower ass dat z'erréchen?

En e'scht mëttel ass, d'wirtschaftsgebeier, d'ställ an och d'wunneheiser vum bauer eso' modern a praktesch we'méglech anzerichten. Vill iwerfléssig arbeit muss gemach gin, wann d'scheieren onpraktesch uguelugt sin, wann d'oflueden vun de recolten vill leidd erfurdert, well d'hé an d'frichtien a schléff hir an dur musse getesselt gin. De' selwecht iwerfléssig arbeit muss dann erem eng ke'er geléscht gin, wa

ge'propert streichen, mé et géf och me' se'er a matt'manner arbeit.

Et héchst eben iwerall d'arbecht erlichteren an erofdrecken, bei dersel'wechter léschtong a me' kurzer zeit. Dodurch brauch de bauer arbechtsleidd manner an d'onkeschte gi me' kleng.

Natirlech kascht d'maschinne arbeit och. Mé de' ausgaben stin a kengem verhältnes zo' dénen vun den arbechtskräften, de' o'ni si musse bezuelt gin, an de' schwe'er ze fanne sin. Dat méscht an dat schwe'erst fir de bauer ass d'emännerong vun d'é ställ an de wirtschaftsgebeier an d'uschiáfong vun de maschinnen. Et gehe'ert durzo' e gewessend kapital, dat net némme beschäft, mé dat och amortiseert muss gin. Den amortisement ass allerdengs licht, well e sech me' we' bezuelt mecht durch dat wat de bauer u lo'n spuert. Fir d'bescháfong vu béllegem kapital muss de staat matt asprangen, an eventuell och nach durch subsidies d'uschiáfong erlichteren a verbéllegen.

Mir hei zo' Letzeburg gin um neie wé matt. Mir spiren, datt de neis géscht op eng praktesch realisatio'n drängt. Wa mir nach e beweis breich' ten, fir anzegesin, datt d'arbechtskräft me' he'ch ewe' an der vergängenhéit ageschätzt muss gin, da get en ons an dé moment bruecht, wann et gëllt d'reconstructio'n vun onsem land ze méscheteren. Geld kennte mir an der ganzer welt kre'en, wann ons domatt gehollef wär. Wat ge'ngé mir mächen, wa mir op he'ge ke'p geld se'zen, an d'matière première, de' mir brauchen, ge'ng net geliwert, an all artikelein fir den alde'glechen gebrauch ge'ngé net fabrizeert gin? We' läng ge'ng et daueran, bis ons heiser erem do ste'ngen, wa mir op friém arbechtskräft wärde missten. Frankreich eleng huet fir 1000 milliarden frang heiser, brecken a fabriken ze bauen, a we' he'ch ass de schued an all dén anere lännner? Mir hu geld a mir kre'en neischt dermatt ze kafen. Wat ons hellefe kann, ass d'arbecht. Mir hu vill matièle première, wa mir de' emol richteig ausnotzen, a matt der arbeit verbannen, da könne mir ons hémecht erem oprichten.

Kuckt emol d'banknotizen! We' niddreg sin haut d'zénsfe'ss! En zéchen, datt et net um geld, wuel awer un der arbecht félt. Ere'scht wa vill geschafft get, bélleg a gudd, da kritt onst geld erem wert, an da gét den zénsfo'ss an d'lücht. Da gin erem artikele produzeert, de' de liéwesstandart verbesseren.

Soll d'arbecht némmen dofir benotzt gin, dem geld erem op d'bén ze hellefen, fir hanneno dovu mëssbrauchtze gin? Et ass matt der arbecht, we' matt de leidd, de' a schwe'erer zeit durchhälén. Well si helleft, wa neischt aneres me' hellefe kann, durfir musse mir si respectéeren, speziell dann, wa mir hir direct durch he'ch le'n a guder zeit eppes bidde können.

AUS DER GROSSEWELT

An der ostfront get d'russesch offensiv vun dag zu dag a vu stonn zu stonn me' stârk. D'schluecht vu Polen gét dem enn entge'nt, d'schluecht ém' deitschland gét un an onerbettelch weider. D'russen hun hir panzerspätzien matt gewalteger schnellegké virgedreckt an hun d'infanterie matt camionen un d'front erubruecht. D'preisen hu keng zeit me' krit, hire réckzog ze urednen an eng'nei verdédegongslin opzebauen.

A Schlesien sin d'russen, nodém se Krakau geholl, weider no westen gesto'ss, an hun op bréder front de' al preisesch grenz iwerschrott a bedréen Breslau vum osten, süden a norden. Se hun d'Oder op enger front vu 60 km erreicht. Si stin dicht viru Leibus, viru dèr städ, de' eso' vill an eso' gro'sst élend vun eso' ville gudde Letzeburger gesin huet. Den énneschten dél vun dem schlesesche keil ass no süden age-schwenkt, an huet zum ziel d'ganz schlesescht kuelegebitt am eiltempo a me'glechst onbeschiédegt ze besetzen. D'preisen hu sämtlech kuelenarbechter aus de gro'wen erausgeholl, matt gewiret bewaffnet, an se als onausgebild kanon'nefudder vir an d'front gescheckt. Vu Schlesien aus hum d'preise

vu jehir de ganze südosten vun Europa bedréet. Fällt Schlesien, dann ass de' menace é vir allem verbei.

Am polnesche corridor sin d'russen, nodém se Warschau, Hohensalza, Gnesen a Bromberg geholl, op Posen zo'gesto'ss, wo' schwe'er kämpf am gäng sin. De fall vun déne stiéd mecht de wé op no Berlin, vun dém d'russen kaum nach 200 km ewech sin.

An Ostpreisen sin d'russen vun der Memel erof virgesto'ss an hun Tilsit, Gumbinnen, Insterburg an Labiau geholl, lauter stiéd, de' de belschen a fransé'sche krichsgefängenen als krichsgefängeneläger a schlechter erënnerong sin. Vum Narew erop hun d'russen Neidenburg, Tannenberg, Allenstein, Osterode, Deutsch-Eylau an Morhungen geholl a sto'ssen direkt op d'Ostse' zo'. Domadder get Kinksbierg agekesselt a gét sengem gerechte schicksal entge'nt.

Tannenberg wor vum leschte krich un d'vesenbildong vum preisesche sig iwer den osten. Do wor och am ehrenmal d'graw vum Hindenburg, a mir denken nach matt fréid un de sproch, dé virun engem jor emol eng ke'er e preiseschen urlauber matt kreid gro'ss iwer sei graw geschriewen hät:

„Steh auf du öller Streiter,
In Russland steht ein Gefreiter,
Der kommt nicht mehr weiter.“

Am westen ze'en d'preisen sech no chéte berichten émmer me' aus dem siek eriwer an d'Eifel zreck. No dem

(Get fortgesat op der 2. seit.

D'zentralgebei vun der „Unio'n“
ass an der jo'selistrôss No. 7. -
Tel. 67-38 an 67-39. - Tel. vun
der redaction 51-85.

Dat elei an Dat elo

Gro'ssherzoginsgeburtstag 1945 ass eriwer. D'fendelen sin erem erageholl, de sondesse schnéppel hängt erem am schaf, an d'suergen vun haut a vu mur stin erem virun ons, a schengen ons nidderdrecken ze wëllen. Am virowend hat onse staatsminister eng gro'ss an och eng sche' riéd am letzeburger radio gehal. En huet ganz am sénne vun der hémecht geschwát a besonnesch vun dénen, de' gelidden hun fir ons freihét, an de' gestuerwe sin fir datt mir liéwe können. Fir de', de' net me' sin, këpnne mir némme biéden, vir de', de' mam liéwen derfu komm sin, kënnen a musse mir schaffen an afferen. Dat ass é programm. Dém musse mir alles énneruerden, wat mir an déne nexe joren ufänken an ausfe'eren. Dat ass dat selwecht wat d'Unio'n an

hir zeidong dag fir dag a woch fir woch priédegen a mir erkennen et dankbar un, datt d'regirong vum land de selwechte programm we' mir iwer-holl huet. Lôsse mir nun oppassen, ob dat verspriéchen, dat op Gro'ssherzoginsgeburtstag gemach ass gin, och gehal an ausgefeert get, well wann et net agehal ge'f, da wir d'letzeburger land verluer.

Radio Letzeburg ass e letzeburgesche radio. Dofir dauert d'sendong fir d'Letzeburger och némmen zeng minuten den dag. D'sendongen fir d'preisen daueran am ganzen 420 minuten den dag. Nuje, mir können nach net kloen. Op Gro'ssherzoginsgeburtstag huet d'letzeburgesch sendong keng zeng minuten, mé fofzeng minuten gedau- (Get fortgesat op der 2. seit.

Eis trainer, monitoren a professoren fir d'culture physique

Text vun der radio-causerie vum
Léon Hamus, Letzeburg.

Mé haut kenne mir soen, datt de kuren vun de gymnasten, der football-fédératio'n ofstännich sin. Mir mussen haut vun all déne leidd, de' choise'ert gin fir eis jongen a médercher ze erze'en, verlängen, datt se eng richteg elite sin, de' eso' ze soen den nationalen an demokratische géscht kristalliséert, e géscht, déni alles huet wat proportionéert, iwerléen an équilibre'ert ass. Op der aner seit ass et ne'deg, datt d'scho'lmescheteren physiologie stode'ren; we' solldent se gesin wo' et bei de jonge leidd fél't, o'n'i eng idi vun hiren organen ze hun.

Haut, no der liberatio'n, sti mir virùn ganz éschte pflichten. D'situatio'n verlängt vruin allem akte vu gre'sstem devouement. Fir nun awer de jonge leidd et beizebrengen, datt se matt courage a guddem hérz sech zu den nécessite'en vun deser ston bekennen, mussen d'erze'er op hir physesch conditio'n uechten. Well wann eis zeit vun eis é corecter verlängt, déni déne gro'sse problemen ugepasst ass, de' eng se'er a gudd solutio'n verlängen, ass et ganz natirlich, datt de' physesch organisa'tion dem erhe'chte verbrauch géschter kräft gleich stét.

D'folleg dovun ass, datt, wann eis scho'lmescheteren an och d'professeren vun de mëttelscho'len hir al methoden änneren, d'trainer, d'moniteuren an d'professeren fir d'culture physique némmin dann zo'geloss kenne gin, wann hir égen erze'ong op eng gudd kenntschaff vun der moral vun de jonge leidd fonde'ert ass.

Wat ergét sech nach elo doraus? De projé iwert d'charte des sports, déni e puer leidd während dem krich hei, op uroden vun dem hér staatsminister Dupong virberét hun, geseit vir, datt eng national scho'l fir d'meschter an d'professeren vun der physesch erze'ong crée'ert get.

De' professionnell erze'ong kann an dénen vum staat agré'erten academien an den allie'erten lännern ergänzt gin, an och an de couren, de' all jor an eiser nationaler scho'l ofgehal gin. Hei sin nach weider virschle' vun der commissio'n:

1) D'normal scho'len huelen déli un de lexio'nen iwer physiologie a culture physique an der national scho'l.

AUS DER GROSSE WELT

(fortgesat vun der 1. seit)

fall vun Dikrech sin d'americane bis an d'ge'gend vu Veianen virgesto'ss. D'preisesch pontonsbrecken iwer der Our leien énnner stännegem schwé'ren allie'erten artilleriebeschoss. Woltz ass frei. Wann d'americane dé ganzen dal ronderöni Woltz matt der „Fall“ gesei'bert hun, sin d'schwierigkéten vir é weidere virmarsch iwer d'e'slekerkoppen net me' eso' gro'ss. Loftopklärer hu festgestallt, datt d'preisen vun der ganzer westfront truppen ewechze'en, an se no dem osten verschieben. Lédegélech bei Strössburg versichen se nach, terrain a richtong op d'stad zo'ze gewannten. D'fran'sch offensiv bei Colmar mecht gudd fortschrëtter.

An Holland sin d'englänner no hirem virsto'ss no norden, no osten age'schwenkt, an hun d'preisesch grenz op e puer plazien iwerschrott, a kämpfen sech a richtong op München-Gladbach durch.

Yougoslawien. — D'memberen vun der kineklech-yougoslawescher regirung zu London hun démissionéert. Et war de' énzig me'glechkét, sech an e'ren zreckzeze'en.

Italien. — Fofzeng prominent faschisten stin virun engem sondergericht fir krichsverbriécher. Eng läng löscht vun nationalen an internationalen verbriéchen ass hinen zur láscht geluegt, énnert aneren de mord vum yougoslawesche kinek Alexander an dem frans'schen aussenminister Barthou, läng virum krich zu Marseille. Zu hinnen zielt och dé fre'e're chef vum italieneischen Etat-Major a commandant vu Yougoslawien, de generol Roatta. Am september 1943 hât hién sech gleich op d'allie'ert seit geschloen, an d'r wahnsinniger hoffnung, dodurch sei kapp ze retten. De' wandmillepolitik war ower ganz a gur émsoss. De marschall Tito wärt net verféléen, sei bilan anréchen.

England. — De premierminister Churchill hat, we' scho' gemellt, am englesche parlament eng gro'ss riéd iwer d'englesch politik vun haut a vu mur gehal. 1. England, Amerika a Russland hale net op ze krichen, bis d'preisen an d'japsen o'n'i bedéngong capitule'ert hun. 2. Matt der bedéngongslo'ser capitulatio'n ass de' allie'ert flicht, den énnerdreckte lännern ze hëlfesen, nach läng net um enn. 3. D'preisen hun no hirer capitulatio'n net dat

exilkinik dat net berécksichtige wëllt, da mussen d'allie'ert iwert hién eweggoen. 8. Italien leit um huadem a gét all dag me' senger vollstänneger zerste'erong entge'nt. D'allie'ert hu gerkeng politesch oder wirtschaftliche combinatio'n envisage'ert, an d'r Italien nom krich eng roll soll spilen. 9. Spuenien get nom krich grad eso' we'neg gebraucht ewe' Italien. De' zwé lännner waren am krich ge'nt d'allie'ert, si kennen nom krich kuken, we' si o'ni d'allie'ert auskommen. 10. A Griechenland ass de birgerkrich eriver. D'englesch politik besto'ng doranner, a Griechenland d'preisen erauszeweferen, d'griechesch verwaltung erem opzubauen, de' ausgehengert bevélkerung matt liéwesméttel ze versurgen, an demokratesch wählen an demokratisch institutio'n zu seichern. Eng englesch bésatzong bleiwt nom krich net am land. 11. D'preisesch offensiv am westen ass musterhaft a méschtaft vun den Amerikaner gestoppt gin an, et ass secher, datt si de krich net

Polen. — D'polnesch widerstandsgruppen hun e gro'ssen déli zum russische schnelle virsto'ss beigedron. Aus dem hannerhalt hun si o'n'i paus d'preisen iwerfall, an a ville fäll polnesch zvilleidd a polnesch gefangener befreit, de' d'preisen als geiseln mattgeholl hâten.

De CAPITOL spillt des woch de film La Bataille d'Angleterre. Tass de 4. film vun enger série filmen, de' Amerika eraus gin huet matt der énnertste zong vum amerikanischen krichsministerium, fir ze beweisen, datt och Amerika huet missen matt an de krich goen. Dese film, déni némmin autentesch biller brengt, ass d'épisod vun no der nidderlag bei Dunkerque bis an d'joer 1941. Mir gesin we' Deitschland eng invasio'n ge'nt England virberét hât a wat d'englänner gemach hun, fir datt d'preisen ni konnte réusse'eren. De' schnell opreschtong vun den englännner musse mer bewonneren. Am film wunne mer de bombardementen vu London, Dover a speziell Coventry hei. Mir gesin we' de' englesch populatio'n de' preisesch schle' austhält, bis et England me'glech wor, de preisen och schle', an eso'guer nach me' fester auszedelen. Jidder letzeburger soll sich dé film ukucke goen.

*

I Madrid a witch (Ma femme est une sorcière) get am YANK an am CINE DE LA COUR gespillt. D'verbrennen vun Hexen wor fre'er zimlech héfeg a we' et schengt, wor dat

verlängert, mé bestimmt verkirzt. 12. An aller nèxter zeit ass eng nei conferenz téschend dem Churchill, dem Roosevelt an dem Stalin. England setzt gro'ss hoffnung op si, fir datt de krich bal en enn krit a fir datt eng positiv zesummenarbecht nom krich zustand kënt.

Griechenland. — Drei griechesch politiker, de' énnert der preisescher occupatio'n minister waren, si we'nt landesverrot ugeklot, a sti virun engem sondergericht. En dovun ass zur zeit an Deitschland a get in contumacium verurteilt.

Philippinen. — Op der insel Luzon sin d'americane am eiltempo virge'reckt an hun d'japsen an zwé gespleckt.

Deutschland. — A Schlesien hu fraen sech virun d'locotivien vun den zich geworf, fir matt evacute'ert ze gin. Bis elo si némme gieler mattgeholl gin.

Zu D. I. Arbeiter, de' am kalennerjor 1945 he'er werbongskäschten a sonnerausgaben we' 390 frang de mo'nt hun oder aussergewe'nele beläschtingen hun, können d'androung vun engem fir 1945 geltend an d'arbeiter betrag op hir lo'nsteierkart beantragen.

Zu D. II. Arbeiter können fir volljäreg,

mé nach net 25 jor al kannen an aner ugehe'reger, de' zum grëssten déli op hir käschen énnertale gin, d'gewärong fir Kannerermessegong fir 1945 op hir lo'nsteierkart beantragen, wann des kannen oder ugehe'reger sech a beruffsausbildong befannen (z. b. durch besuch vun enger hechscho') oder wann des kannen am jor 1944 am krich gefall sin. D'beruffsausbildong ass der zo'gehe'regkét zu enger militäreschen énhét gleichgestallt, de' am krichsasaz stét.

Antrag op steierermessegong nom art.

D. I. an II. sin ze schecken:

Un d'steieramt Esch-Uelzech, wann den arbeiter zu d'r zeit, wo' en den antrag stellt, am bezirk vum steieramt Esch-Uelzech wunnt.

Un d'steierdirektion zu Letzeburg, breckereng 45, wann e soss antzwo' wunnt.

Dem antrag muss de' lescht lo'nsteierkart beigeluegt gin. Antragsformularen gin durch dat zo'stännegt steieramt zur verfüfung gestallt.

De patron darf dé bis zum 31. dezember 1944 geltende steierfreie betrag nach bei der lo'nsteierberechnung fir eng lo'nzahlungszeit, de' am januar 1945 ennegt, a betracht ze'en, wann d'lo'nsteierkart 1944-45 beim bezuelen vum arbechtslo'n nach net fir 1945 ergänzt go'w. En ausgleich, dé veicht erfürdech ass, kann de patron beim bezuelen vum arbechtslo'n am mo'nt februar a märz 1945 virhuelen.

fir de bezirk Esch und steieramt Esch-Uelzech, anzeschecken.

D. — I. De steierfreie betrag, déni dat fre'ert finanziert we'nt he'eren werbongskäschten a sonnerausgaben a we'nt aussergewe'nele beläschtingen fir d'kalennerjor 1944 op d'lo'nsteierkart 1944 agedroen hat, gëlt nemmen bis zum 31. dezember 1944, och dann, wann d'steiermässiegong ausnamweis me' läunt dauer sollt.

II. Dat gëlt och fir d'kannerermessegong, de' op d'lo'nsteierkart 1944 fir volljäreg kannen an aner volljäreg ugehe'reger, op antrag, durch dat fre'er finanziert agedroen go'w.

Bei antrag zu D. I. an II. gëlt fir d'kalennerjor 1945 dat hei:

Zu D. I. Arbeiter, de' am kalennerjor 1945 he'er werbongskäschten a sonnerausgaben we' 390 frang de mo'nt hun oder aussergewe'nele beläschtingen hun, können d'androung vun engem fir 1945 geltend an d'arbeiter betrag op hir lo'nsteierkart beantragen.

Zu D. II. Arbeiter können fir volljäreg, mé nach net 25 jor al kannen an aner ugehe'reger, de' zum grëssten déli op hir käschen énnertale gin, d'gewärong fir Kannerermessegong fir 1945 op hir lo'nsteierkart beantragen, wann des kannen oder ugehe'reger sech a beruffsausbildong befannen (z. b. durch besuch vun enger hechscho') oder wann des kannen am jor 1944 am krich gefall sin. D'beruffsausbildong ass der zo'gehe'regkét zu enger militäreschen énhét gleichgestallt, de' am krichsasaz stét.

Antrag op steierermessegong nom art. D. I. an II. sin ze schecken:

Un d'steieramt Esch-Uelzech, wann den arbeiter zu d'r zeit, wo' en den antrag stellt, am bezirk vum steieramt Esch-Uelzech wunnt.

Un d'steierdirektion zu Letzeburg, breckereng 45, wann e soss antzwo' wunnt.

Dem antrag muss de' lescht lo'nsteierkart beigeluegt gin. Antragsformularen gin durch dat zo'stännegt steieramt zur verfüfung gestallt.

De patron darf dé bis zum 31. dezember 1944 geltende steierfreie betrag nach bei der lo'nsteierberechnung fir eng lo'nzahlungszeit, de' am januar 1945 ennegt, a betracht ze'en, wann d'lo'nsteierkart 1944-45 beim bezuelen vum arbechtslo'n nach net fir 1945 ergänzt go'w. En ausgleich, dé veicht erfürdech ass, kann de patron beim bezuelen vum arbechtslo'n am mo'nt februar a märz 1945 virhuelen.

D'steierdirektion.

D'Filme VUN DER WOCH

och de gebrauch an Amerika. Am ufank vum film get en hexeméchster liéweges leif verbrannt, awer viru sengem do't wënscht hién sengem richter, datt seng nokommen spe'der an hirem stôt onglecklech solle gin. Dat geschitt dann och e puer generatio'nen läng. An der geschicht, de' mer gesin get et op émol anescht. Et gelengt der duechter vum hexeméchster, nodém se op eng gewësse manéier menschlech gestalt ugeholl huet, de géscht vun hirem papp onschiedlech ze man, a matt hirem glücklech ze gin. De film ass gudd gespillt a gudd opgebaut, awer d'geschicht an sech kennet besser sin.

*

Les Hommes sur la mer léift am MARIYAU. Wat mer an dém film gesin, sin zénen aus dem matro'senliéwen op engem handelsschëff. Et gét domatt un, we' médercher matt uebst a schnaps op e schéff kommen, dat am hafen leit, durno erliéwe mer, wat de matro'sen eso' op enger fahrt um mier zo'ste'st a we' et dénen énzelnen herno gét. Vill handlong ass net am film an e konnt ons och net voll befriddegen.

Aus der REDACTION

Nei erschenge sin:

Sté op mel Land, am urtext an der unio'n erschengen an der Unio'n zo'erkannt, wiérder vum Franz Binsfeld, versto'nt vum Kapellméschter Thorn ass am Verlag vun der Paulusdréckerei als separatdruck erschengen an zum preis von 10 fr. am buch- a musicalienhandel ze kre'en.

E Sonnendege, den 28. Januar 1946, ass um 10.30 außer mures an der Parkstraße zu Bieschen eng feierlech mass, fir de Bieschen verhängt, hirr die wen fir hemecht gib han, DIEDRICH Conrad, HINBERT René, STOFFEL Dennis, REISDORFF Jules, KUNDTZIGER René, MAX Vick, CROMAUDER Edy, JOHANNI EDY, RONR George, WOLFF Paul, LUCAS Raymond, GOELFF René, DULINCH Bischchen, Vertrag vun der Union

E samschdeg, den 27. Januar 1945,
ass em 10 auer mures an der kriech
um Rollenbergergron enig feierlech
mess fir de, 7 jomgen aus dem Rollen-
gescher unitorf gefalll sin.
BORREKO René,
BRANDENBURGER René,
GOMAND René,
KISCH Norbert,
KODESCH Franz,
REMACLE Jemp,
ZEMET Julius.

AMERICAN NOONCE

Seectio n Dideleu g
Politisch prisone r er an deforter er
Dideleu g an emge gend si geleden
am burro vun der Umo i am schabaus
an Detshland am prisone , am K. Z.
t soss engeom lager hun, Kemen de,
effend ebmefalls scherrie we lessen an
der recht se an der hague ze vertreden
se rem kommen, hague stet an fir drecter hincicht.

ue vun de letzeburguer politesche
Pisonne, er an deporté, etien

Skript?

Wirtsschaft

(Fortsessat vun der 1. seit)

Bekanntmachunge un d'pattoen an d'r hechter bett. d'lö'nsteierkärtten 1945. — D'lö'nsteierkärt 1944 gelift och fir d'kälen- nerjor 1945. Et ass op folgenes opebras- set: (A) Folgend pattoen si verhüch, d'ergrän- zunge vun den androung'en op d'lö'nsteier- kärt 1944 (wann de fall gescat ass och op der zweter oder nexter lo'nsteierkärt) ze der Kappelmeeschter runn der Prot' an e vertanng'en:

1944 d'steiergrupp IV bescheinigt ass, Pattoen, op denein hirer lo'nsteierkärt

wann d'verassessezonng'en fir d'verwoartung van der Kammerreduktion. fir den Eschite herzogin Gerlach huet, huet de ganz'e pur gudd ubruechte wrid'r ons Gross- de Kappelmeeschter runn der Prot' an e corps matt engerim feierge vive appala-

de erit.

(Besispill: d'kand ass do't oder et ass gehe'ert.)

a) Well dat mannejärgang' kand oder den krit huet (vun dem 2. 1924) gescut ass anere mannejärgang' ugehe'e, eregen 21 jor jauuar 1945 net me' bestim',

b) Well den arbrecther fir d'mannenjärgang' (Besispill: d'kand ass do't oder et ass beantworts unnerbruecht fir d'mannenjärgang').

(b) well den arbrecther fir d'mannenjärgang' (Besispill: d'kand ass do't oder et ass beantworts unnerbruecht fir d'mannenjärgang').

Middleton *of* *Galveston* *and* *Galvestonian*

Spurrt Landwirtschaftsdiplom

prisonsgårdsket

Die Vierschläge und den härter

(Fortgesetzt vun der 1. seth.)
Kunst, besserer d' Ausdruck vun der Kultur
während d' zweite d' Ausdruck vun der Kultur
man ginn d' ersten d' zweiten d' dritten d' vierth
man ginn d' ersten d' zweiten d' dritten d' vierth
sarie auch sports.